ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Wärend der rezenter Héichwaasserkatastroph ass a villen Uertschaften uechter d'Land de Stroum ausgefall. A sou Krisesituatioune kënne virun allem mat Diesel bedriwwen Noutstroumaggregater, séier an iwwert e längeren Zäitraum zouverlässeg Ofhëllef leeschten.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung eng Opstellung vum Inventaire vun den Diesel Noutstroumaggregater, iwwer déi d'ëffentlech Hand (Arméi, CGDIS, Verwaltungen, ëffentlech Ariichtungen, Spideeler asw.) am Moment verfüügt, presentéieren? Kann d'Regierung preziséieren, iwwer wéi eng Asazdauer déi eenzel Apparater verfügen?
2) Kann d'Regierung eng Opstellung presentéieren, wéivill Diesel Noutstroumaggregater wärend der Héichwaasserkatastroph, op wéi enge Plazen aktivéiert gi sinn?
3) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Erfarungen aus der rezenter Héichwaasserkatastroph fir de Fonctionnement vum Gesamtinventaire en vue vun änleche, zukünftege Krisen zeréckbehale ginn?
4) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Roll den Diesel och en vue vun de rezenten Erfarungen zukünfteg an eiser Energiepolitik soll spillen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten